

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2021

Här President,
sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Chancegläichheet weiderzeleeden.

An engem Artikel aus der Zeitung "L'essentiel" war den den 1. Abrëll ze liesen, datt d'Chancëgläichheetsministesch elo envisagéiert, de Kanner an der Maison relais elo weisen ze wëllen, wat – am Hibleck op d'Geschlechtsidentitéit – Stereotype sinn.

An deem Zesammenhank hätt mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi eng Stereotype solle konkret gewise ginn a bezéien dës sech an alle Fäll op d'Geschlechterbild vu Mann a Fra?
2. Wéi vill Geschlechter existéieren an den Ae vun der Madamm Minister? Sinn et der méi wéi zwee? Wa jo, wéi eng Stereotypen applizéieren sech op jiddwereent vun all deene Geschlechter?
3. Wéi gestalten sech déi genee Inhalter vum Vermëttele vun dëser Programmatik a wou kann een dës fannen, respektiv, noliesen?
4. Wat soll d'Zil si vun der Vermëttlung vun dëser Programmatik?
5. Wéi gedenkt d'Madamm Minister d'Geschlechterrolle vu Jong a Meedchen an eventuell, sollt et der an den An vun der Madamm Minister nach méi Geschlechter ginn, vun all deenen anere Jonke vun all deenen anere Geschlechter konkret ze beaflossen?
6. Gedenkt d'Madamm Minister den Entwécklungswee vun de Kanner doranner ze beaflossen, andeems si hinne vermëttelt, datt déi fir Jongen a Meedercher typesch Interess- Beruffs- an Themegebiddere schiedlech oder net appropriéiert sinn?
7. Denkt d'Madamm Minister, datt d'Kanner am Entwéckele vun hire Fräizäit- a Beruffsintressie méiglechst fräi vun all politesch-ideologescher Beaflossung duerch de Staat solle sinn, fir sech esou fräi entfalen ze kënnen? Wann net, firwat net?

8. Ass et an den An vun der Madamm Minister um Staat, fir sech bei der Kannererzéiung den Eltere wëllen ze substituieren? Wien huet d'Prioritéit an den Ae vun der Madamm Minister bei der Vermëttlung vu Wäerter, de Staat oder d'Elteren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten